

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2021

D'FÉDUSE ASS KEE SPILLBALL !

Schonn am spéide Summer hat d'FÉDUSE/Enseignement aus pedagogeschen Iwwerleeungen eraus gefuerdert, dass an de Lycéeën déi **permanent Maskepflicht** duerch de CovidCheck-Regime, wéi en **zu deem Ament** bestanen huet, sollt **ersat** ginn (*cf. Communiqué vum 29. August*). Dat hätt also bedeit, dass Persounen, déi weder geimpft sinn, nach eng Infektioun mam Virus duerchgemaach hunn, sech regelméisseg hätte missten teste loossen, an zwar mat Hëllef vu **gratis Schnelltester** an der Schoul. Negativ Konsequenzen a punkto Aarbechtsrecht waren zu deem Zäitpunkt vu Säite vun der Regierung nach keng an d'Spill bruecht ginn.

De Minister Meisch hat dat awer ofgeleent mam Verweis op d'Schouflicht. Mee grad wéinst der Schouflicht fanne mir nach ëmmer, dass de Staat dann och verpflichtet ass, d'Gesondheet vun der Schoulgemeinschaft sou gutt wéi nëmme méiglech ze schützen.

Mir wëlle jiddefalls net vu ministerieller Säit eis Fuerderungen am Mond verdréit kréien, respektiv als Spillball mëssbraucht ginn an där aktueller Diskussioun ëm ongeklärte fundamental Froen a punkto Aarbechtsrecht, un där sech eisen Daachverband CGFP absolutt zurecht bedeelegt!

Mee wéi et ausgesäit ass '*falsch iwwert ee schwätzen*' de ministeriellen Ersatz fir '*richteg mat engem schwätzen*'...

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP